

**Här Fernand Etgen**  
**President vun der Chamber**



Lëtzebuerg, den 22. Oktober 2020

REÇU  
Par Aïff Christian, 17:20, 22/10/2020

Här President,

Esou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech folgend parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch weiderzeleeden.

Gëschter huet déi däitsch Justizministesch hire Moosnamepak fir d'Bekämpfung vu sexualiséierter Gewalt géintiwwer Kanner virgestallt.

Nieft neie Preventiounsmoosnamen, déi extrem wichteg sinn fir esou Strofdoten ze verhënneren, gouf ganz besonnesch op folgend Punkten higewisen.

Um Niveau vun de Strofbestëmmungen:

- Et ginn nei Strofdoten betreffend sexualiséiert Gewalt géintiwwer Kanner an d'Strofgesetzbuch ageschriwwen;
- D'Strofen ginn och insgesamt an d'Luut gesat, z.B. bei der Verbreedung, dem Besëtz oder dem Beschafen vu kannerpornografeschem Material:
  - fir Verbreedung vu sou Material ass z.B. ugeduecht d'Strofmooss vun aktuell 3 Méint bis 5 Joer op 1 Joer bis 10 Joren unzehiewen;
  - fir de Besëtz oder d'Beschafen dovun geet de Fräiheitsentzuch vun aktuell bis zu 3 Joer op 1 bis 5 Joer an d'Luut,
  - geschitt d'Vebreeden am Kader vun enger Band oder gewerbsméisseg dann ass eng maximal Strof vu 15 Joer virgesinn.

Um Niveau vun der Strofverfolgung:

D'Mëttelen fir d'Strofverfolgung ginn och méi effektiv gestalt. Sou ass et den Ermëttler an d'Zukunft méiglech am Fall vum Beschafen vu kannerpornografeschem Material, Telekommunikatiounsmëttelen, inklusiv Messenger-Déngschter wéi Whatsapp a Co. ze iwwerwaachen. Bei schwéierer sexualiséierter Gewalt géint Kanner oder am Fall vu der Verbreedung vu kannerpornografeschem Material kann och eng Onlineduerchsichung ordonéiert ginn.

Opgrond vun all deenen Informatiounen, wéilt ech folgend Froen un d'Madamm Justizministesch stellen:

- Wéi bewäert d'Madamm Ministesch dese Virstouss vun hirer däitscher Homologin?

- Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass een net och zu Lëtzebuerg de gesetzleche Kader misst adaptéieren fir méi adequat Strofbestëmmungen anzeféieren, respektiv d'Strofverfolgung méi effikass ze gestalten?
- A wéi fern wäichen déi ugeduechten nei däitsch Strofbestëmmungen vun eisen aktuelle Strofbestëmmungen of?
- A wéi enge Fäll hunn eis Ermëttlungsautoritéiten d'Méiglechkeet, Kommunikatiounskanäl, wéi Whatsapp an änlecher, „ofzelauschteren“?
- Sinn d'Ermëttlungsautoritéiten, vum technesche Standpunkt hir, gutt genuch opgestallt fir sou Strofdoten effikass ze poursuvéieren?

Mat déifstem Respekt,

A handwritten signature in black ink, appearing to read 'Nancy Arendt' in a cursive style.

Nancy Arendt  
Deputéiert



CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff  
Service des séances plénières et  
secrétariat général  
Tél : 466.966.223  
Fax : 466.966.210  
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec le Parlement  
Luxembourg

Luxembourg, le 22 octobre 2020

Objet : Question parlementaire n° 3025 du 22.10.2020 de Madame la Députée Nancy Arendt épouse Kemp - Violences sexuelles contre les enfants

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen  
Président de la Chambre des Députés